



Week-end an der Pfalz

**Eng Wanderreess mat
naturalisteschen a techneschen
Héiepunkter**



Samschdes de 16. an Sonndes de 17. Juni 2018

Wéi schon ugekënnegt machen d'Frënn vum Natur Musée an d'Société des naturalistes luxembourgeois (SNL) en 2-Daages-Ausflug an d'Pfalz, eng Nopeschgéigend déi ganz vill ze bidden huet : Vun de Rheinauen bis zum Biosphärenreservat Pfälzerwald-Nordvogesen mat herrlëchen Fielsformatiounen a räicher Fauna a Flora, an zum aneren en Technikmusée, deen wäit iwwert d'Grenzen bekannt ass.

Programm

Samschdes, 16. Juni

- 7.00 Auer: Départ op der Gare zu Lëtzebuerg (Parking Post vis-à-vis vun der Gare)
- 7.10 Auer : Départ beim P&R Lux-Sud, Centre Douanier
- 9.30 Auer: **Technik-Museum Speyer**, gefouert Visite vun 2 Stonnen
- 13.00 Auer: Mëttegiessen am Restaurant „Alter Hammer“
- 14.30 – 17.00 Auer: Geféiert Wanderung am **Speyerer Auwald** mam Här Roland Kirsch, Regionalbeoptragten vum BUND fir d'Pfalz
- 17.30 Auer: Fräizäit zu **Speyer**
- 19.00 Auer: Arrivée am Hotel „Zur Kanne“ zu Schifferstadt, Owesessen

Sonndes, 17. Juni

- 8.30 Auer: Fahrt aus der Rheinebene an de Pfälzerwald bei d'Biosphärenhaus, dem **Besucherzentrum vum Biosphärenreservat Pfälzerwald / Nordvogesen**
- 10.00 Auer: Besichtigung vun der Ausstellung
- 11.00 Auer: Wanderung mam Ulrich Diehl, Gestionär vum Biosphärenhaus Pfälzerwald/Nordvogesen. Den Tour geet op ca. 8 km durch de Pfälzer Wald an d'**Naturschutzgebidd Königsbruch**. Picknick an der Mëttesstonn an der Natur (Lunchpaket)
- 16.00 Auer: klengen Imbiss am Café-Bistro vum Biosphärenhaus (op eege Käschten)
- 17.30 Auer: Départ
- 20.00 Auer: Arrivée zu Lëtzebuerg.

Dëssen Tour as eng naturalistësch a kulturell Reess fir Leit, déi gär wanderen (onbedéngt fest Wanderschong), flott an interessant Saache kenne léiere wëllen, an och technësch interesséiert sinn.

Käschten pro Persoun: 180 € am Doubelzëmmer an 190 € am Einzelzëmmer.

Do dran abegraff: Bustransfer, all Féierungen an Entréesticketën, Mëttes- an Owe siessen Samschdes, Iwwernuechtung mat Kaffi, Picknick Sonndes.

Sidd der interesséiert, da mellt Iech w.e.g. un per E-Mail bei frenn@mnhn.lu. Nodeems der vun eis eng Confirmatioun krut, biede mer Iech déi respektiv Somme op de Postscheck vun de Frënn vum natur musée z'iwwerweisen an eis weider Détailler matzedeele (Vegetarier, Départ,..).

Fir eventuell Froen: frenn@mnhn.lu oder Tel. 462240-320 (G. Faber).

Mat beschte Gréiss vun den Organisateuren vun den 2 Veräiner!

Simone Schneider

Geneviève Faber, Marie-Paule Welter

Société des naturalistes luxembourgeois a.s.b.l.

**B. P. 327 - L-2013 Luxembourg
www.sn1.lu**

Frënn vum natur musée - Les Amis du Musée

**National d'Histoire Naturelle a.s.b.l. –
25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg
www.amnhn.lu**